LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

Le Ministre des Communications et des Médias

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
18 OCT. 2016

Monsieur
Fernand ETGEN
Ministre aux Relations avec le Parlement
LUXEMBOURG

Luxembourg, le 17 OCT. 2016

Objet : Réponse commune de Monsieur le Ministre des Communications et des Médias et de Monsieur le Ministre de la Justice à la question parlementaire N° 2435 du 29 septembre 2016 de Monsieur le Député Roy Reding

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse à la question parlementaire N° 2435 du 29 septembre 2016 de Monsieur le Député Roy Reding.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma haute considération.

Le Ministre des Communications
et des Médias

Xavier Bettel

**Réponse commune de Monsieur le Ministre des Communications et des Médias et de Monsieur le Ministre de la Justice à la question parlementaire N° 2435 du 29 septembre 2016 de Monsieur le Député Roy Reding**

Whatsapp ass vun Facebook opkaaft ginn, ass also en Deel vum Group Facebook, den an Irland seng Europäesch Nidderloossung huet. Donnéeën vun den Whatsapp-user sin dem Europäeschen Dateschutzstandard no geschützt. Déi grouss Dateschutzprinzipien applizéieren sech op d'Donnéeën, déi vun dësem Group gesammelt ginn.

Unhand vun Sensibilisatiounscampagnen kennen Notzer op Geforen an Konsequenzen vun engem irresponsabelen Ëmgang mat hiren Donnéeën higewisen ginn. Staatlech Initiativen wéi Bee-Secure verfollegen sou Zieler, wéi z .Bsp. hei : https://www.bee-secure.lu/de/news/sichere-alternativen-zu-whatsapp.

Vu dat d'Dateschutzcommissioun eng onofhängeg Institutioun ass (Artikel 34 al 3 vum Gesetz vun 2002 iwwert den Dateschutz: „Elle exerce en toute indépendance les missions dont elle est investie en vertu de la présente loi.", kann d'Regierung hir net soen, wéi si sech an dësem Fall ze verhalen huet.

Op Ufro hin, deelt d'Dateschutzcommission mat, dat si an dësem Fall net kompetent ass, well Facebook hiren Etablissement principal an Irland hunn. D'Lëtzebuerger Gesetz ass nëmmen applicabel wann den Responsabel vum Traitement um Lëtzebuerger Territoire etabléiert ass, wat hei net de Fall ass. Fir Facebook ass déi iresch Dateschutzkommissiuon kompetent fir all Plainte vun Europäeschen Bierger ze traitéieren. Natierlech kann all Résident zu Lëtzebuerg Plainte bei der CNPD areechen, déi sech dann mat hirem ireschen Homologue an Verbindung setzt.

Am Géigesätz zu Lëtzebuerg huet Facebook allerdéngs och en Etablissement fir Däitschland am Land Hamburg. Duerfir gesäit sech den Hamburger Dateschutzbeoptrachten am Recht géint Facebook virzegoen, wéi hien dat och scho 2014 versicht hat fir mat enger Verwaltungsordonnance duerchzesetzen, dat Facebook Umeldungen mat engem Pseudonym géif zouloossen. Allerdéngs ass hien vum Verwaltungsgeriicht Hamburg ofgewise ginn, wat festgehalen hat, dat den Etablissement principal vun Facebook an Irland ass, vun wou aus, dëst soziaalt Netzwierk bedriwwen gëtt.

Um europäeschen Niveau bedeelecht sech déi lëtzebuergesch Dateschutzkommissioun am Kader vum Aarbechtsgrupp Artikel 29 vun den europäeschen Dateschutzkommissiounen un enger gemeinsamer koordinéierter politescher Aktioun fir Facebook zur Ried ze stellen. Dësweideren ënnerstëtzt si d'Réactivatioun vum „Enforcement Subgroup" an wäert sech aktiv un der Aarbecht vun dësem Grupp bedeelegen, den op senger nächster Agenda Themen wéi WhatsApp, Yahoo an Pokémon huet. Dessen Aarbechtsgrupp wäert gemeinsam Approchen zur Duerchsetzung vun

den Dateschutzregelen definéieren (bescht Pratiken, Kommunikatioun, gemeinsam Outilëen,...), déi am Kader vun der europäescher Zesummenaarbecht kennen agesat ginn.

WhatsApp Memberen kennen op alle Fall d'Utilisatioun vun hiren Donnéeën fir d'Personalisatioun vun der Facebook-Publicitéit an den Proposen vun neien Frënn widderspriechen. Allerdéngs gëtt d'Telefonsnummer mat Facebook gedeelt wann en wëll d'App weider notzen.